



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Sozialversécherung weiderzeleeden.

Den 7ten Abrëll huet de Gesondheitsministère an den Sozialversécherungsministère per Communiqué matdeele gelooss, dass een Accord fonnt gi wier, fir d'Maternité vum CHdN erëm opzemaachen.

"En partenariat avec la Direction du CHL et le Service national de néonatalogie intensive du CHL, la Direction du CHdN a pu définir un ensemble de mesures qui permettront de garantir la prise en charge néonatale au CHdN et d'assurer la conformité avec la loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière. Le concept de prise en charge néonatale ainsi développé a été approuvé hier par la ministre de la Santé Paulette Lenert sur avis favorable du directeur de la Santé et par le ministre de la Sécurité sociale Claude Haagen."

De 26ten Abrëll sot d'Madamm Ministesch am Kader vun enger mëndlecher Fro:

"Eis Servicer vun der Santé sëtze mat um Dësch fir déi Léisungen do ze konzeptualiséieren [...] Déi Léisungen déi hei musse fonnt ginn, müssen natierlech assuréieren, dass déi Standarde gesécher sinn. [...] Dat sinn déi Aarbechtsgruppen déi intensiv lafen am Moment."

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesesch méi detailléiert erklären, awéifern d'Aarbechtsgruppen un dësem Projet schaffen? Schaffen d'Aarbechtsgruppen nach Detailer vum Plang aus oder schaffen si ausschliisslech un der praktescher Ëmsetzung?
2. Wéi eng Aspekter vun deem Plang verlaangen nach no engem Traitement an den Aarbechtsgruppen?
3. Gëtt et beim Plang nach Diskussiounsspillraum oder ass dës finaliséiert?



www.piraten.lu

4. Wäert de fäerdeg Plang mat den Aarbechte vun den Aarbechtsgruppen öffentlich gemaach ginn?
5. Goufe beim Ausschaffe vum Plang niewend dem Gesetz vun 2018 och nach aner Gesetzer oder Reglementen consideréiert?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

